unbedingt im Verdacht stehen dürfte, mit seiner Entwicklungshilfe strategische Interessen zu verfolgen, auch jenseits unserer Grenzen herumgesprochen...

PASCAL STEINWACHS

des Bruttonationaleinkommens. Prozentual gesehen gehört Luxemburg zu den Top-Gebern

Quellen: OECD DAC, CONCORD Aidwatch 2014

KLOERTEXT - HACKE FIR KANNER

Eng absolut Noutwennegkeet

MATTHIEU FARCOT
SMILE GIE - Hack-4Kids Organizer

Kanner d'Hacken wëlle bäizebréngen klénkt den éischten Ament net no der beschten Iddi. Ma dëse Mount fënnt den Event Hack4Kids statt, deen genau dat maache wëll. De Matthieu Farcot, den Hack4Kids mat organiséiert, erklärt, wat et domatten op sech huet:

„D'Informatik huet e wichtegen an émmer méi groussen Impakt op all Domainer vun der Gesellschaft - si gétt an där Hinsicht universell. All d'Wëssenschaften, all technologesch Evolutioune berouen émmer méi op mannst op engem Traitement, dat vun engem Computer generéiert gëtt. An dëse Konditioune gëtt et eng Noutwennegkeet fir déi jonk Generatiounen ze sensibiliséiere wat d'Ëmgoe mat informatesche Material ugeet. Mee doriwwer eraus musse si och eng gewëssen Autonomie bréngen.

Déi ganz Jonk solle fréistméiglech d'Konzepter, déi di numeresch Welt bestëmmen, kënne léieren. Dëst Versteesdemech erlaabt et méi einfach eng Situatioun vun Ofhängegkeet an eng Capacitéit fir d'Kreéieren an Innovéieren ze changéieren. Hack4Kids erméiglecht et un eben esou enger Revolutioun deel ze huelen. De Kanner soll op eng spilleresch Art a Weis déi verschidde fundamental Konzepter, déi mat de verschiddenen Technologié vun de Netzwierken, der Programmatioun, ma och dem Material verbonne sinn, méi no bruecht ginn.

En informéierte Benotzer vun Technologien ze sinn ass e Virdeel fir d'Zukunft vun de Kanner: Et soll hinnen eng Form vun Entrepreneuriat, gekoppelt mat den Technologië, méi no bruecht ginn. Dest ass d'Vocatioun vun Hack4Kids. Et ass wichteg des Technologien, déi onsen Alldag bestëmmen, ze verstoen. Dëst Wësse soll schonns am jonken Alter ugeléiert ginn, well nëmmen da kënne si mat den Ännerunge wuessen an evoluéieren, an och Technologié vun der Zukunft besser beherrschen. D'Ziel vun Hack4Kids ass et, de Virwetz an d'Kreativitéit beim Kand ze erwächen, an him d'Loscht ze ginn fir Neies auszeprobéieren, explizéiert de Matthieu Farcot vu SMILE. All d'Kanner kënnen drun deelhuelen, egal wat vir een Niveau vu Wëssen si hunn.

D'Kanner ginn net alleng gelooss. D'Personal vun Hack4Kids, dat d'Kanner encadréiert, gëtt sech besonnesch Méi, fir datt d'Kanner hir Bedenke vergiesse kënnen. D'Pédagogie déi hei ugewannt gëtt, berout um Prinzip vum Pleséier an der Entdeckung.

Déi Konferenzzyklen, déi selbstverständlech gratis sin fir Hack4Kids Kanner, si vu Security made in Lëtzebuerg (SMILE) g.i.e. an Zesummenaarbecht mat dem CodeClub Luxembourg an dem Ministère de l'Economie lancéiert ginn."

Dir kënnt är Kanner fir Hack4Kids op www.hack4kids.lu aschreiwe fir hinnen ze erméiglechen d'Programmatioun an d'Technologien, déi hiren Alldag vu muer bestëmme wäerte ze entdecken - d'Aschreiwung ass gratis. D'Evenement gëtt de Sonndeg 14. Dezember 2014 vun 14.00 bis 17.00 Auer am Lycée Technique Ettelbruck, 71, avenue Salentiny, L-9080 Ettelbruck organiséiert. Fir dëst Evenement beschtméiglechst z'encadréieren, sinn all d'Eltere wëllkomm. Aner Evenementer wäerten 2015 organiséiert ginn.

Fir weider Informatiounen, gitt op www.hack4kids.lu

„En informéierte Benotzer vun Technologien ze sinn ass e Virdeel fir d'Zukunft vun de Kanner"